N° 5
Entrée le 27.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 30.10.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Finanzen weiderzeleeden.**

Op Basis vum Artikel 27 vum Gemengegesetz bestëmmt all Gemengerot selwer doriwwer, ob d'Memberen aus dem Gemengerot an d'Leit an de konsultative Kommissiounen fir hiert Engagement eng Indemnitéit a Form vu Präsenzjetongen ausbezuelt kréien. Dës Jetongen variéieren deemno vu Gemeng zu Gemeng. Wat och variéiert, ass d'Prozedur bei der Besteierung vun de Jetongen duerch d'Gemeng an d'Steierverwaltung. Verschidde Gemengen bezuelen de Bruttomontant direkt un d'Leit aus während aner Gemengen schonn eng Retenue um Paieziedel duerchféieren. D'Steierbüroen agéieren mengen Informatiounen no och ënnerschiddlech, wann d'Bénéficiairen hir Jetongen un d'Parteien oftrieden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Reegele betreffend der Besteierung vun de Präsenzjetongen fir d'Gemengeréit an d'Memberen aus de Gemengekommissioune goufen an der Vergaangenheet vun der Steierverwaltung an/oder dem Inneministère opgestallt (Circulairen, Reglementer, Arrêtéen, etc.)? Ginn dës Reegelen uniform vun alle Steierbüroen ëmgesat?

2. Kënnen d'Ministeschen eng Kéier erklären, wéi d'Besteierung vun de Präsenzjetongen fir d'Gemengeréit an d'Memberen aus de Gemengekommissioune muss oflafen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°5
Entrée le 27.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, a vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 5 vum 27. Oktober 2023 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwer d'"Imposition des jetons de présence au niveau communal"**

D'Reegelen, no deenen d'Presenzjetone besteiert ginn, sinn an der Circulaire L.I.R. n° 91/1 vum 26. September 2003 festgehalen.

Presenzjetonen, déi u Memberen aus dem Gemengerot bezuelt ginn, fale generell ënnert d'Kategorie vun de Fräiberuffler no Artikel 91 L.I.R.

Ausnamen heizou si Presenzjetonen, déi un d'Memberen aus de Gemengekommissioune bezuelt ginn, wou de Jeton entweder un eng Persoun bezuelt gëtt, déi net zum Déngschtpersonal gehéiert, an dës Persoun awer an der Ausféierung vun hire Flichten a Missiounen un de Sëtzungen deelhëlt, oder wann de Jeton vum Employeur u säi Personal bezuelt gëtt. Dës Jetone ginn an der Kategorie vun de Salairen no Artikel 95 L.I.R. besteiert.

Am éischte Fall gëtt et eng Dispens fir d'Lounsteier, an deemno mussen dës Jetonen iwwert de Wee vun der Steiererklärung besteiert ginn, am zweete Fall, wou den Employeur de Jeton u säi Personal bezilt, gëtt Lounsteier drop behuewen.

Wann de Beneficiaire vum Jeton keng effektiv Käschten huet, kann de Steierzueler ee pauschale Fräibetrag ufroen, dee sech op 15€ pro Seance beleeft, ouni 45€ pro Mount, respektiv 540€ pro Joer z'iwwerschreiden. De Fräibetrag gëllt net fir déi Jetonen, déi vum Employeur u säi Personal bezuelt ginn.

De Fräibetrag kritt de Steierzueler am Prinzip am Kader vun der Steiererklärung ugerechent. Bei deene Jetonen awer, déi der Lounsteier ënnerleien, kann de Fräibetrag och direkt vun der Gemeng ofgerechent ginn.

Et leie keng Informatioune vir iwwer verschidden Traitementer an deenen eenzelne Büroen.

Lëtzebuerg, den 27. November 2023

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth